N° 7703
Entrée le 03.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.03.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2023

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister, den Här Policeminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Et ass mir zu Ouere komm, datt et an de leschten Deeg eng extreem héich Unzuel u ganz sophistiquéierten „ Physhing"-Attacke gouf. D'Verbraucher goufen heibäi – deels mat enger Ofsenderadress, déi „richteg" war, deels mat Uriff iwwert Telefonsnummeren, déi effektiv deenen entspriechenden Institutioune gehéieren – kontaktéiert. Besonnesch betraff ware mengen Informatiounen no LUXTRUST, BCEE, BIL a POST.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1) Huet d'Madamm Finanzminister Kenntnes iwwert d'Schied, déi duerch dës Attacke bei Bankclienten entstane sinn? Handelt et sech, wéi een héiert, ëm substantiell Zommen, déi hei detournéiert goufen?
2) Huet d'Post als „provider" vun @pt.lu-Adresse Kenntnes vun dëse Mëssbräich? Wat ënnerhëlt d'Post, fir esou Attacken ze ënnerbannen? Wéi vill Schued ass Post-Clienten duerch dës Attacken entstanen?
3) Huet d'Police Kenntnes iwwert dës Welle vu Phishing, a wat ass geplangt, fir dogéint virzegoen? Ginn et Erkenntnesser, vu wéi enge Länner dës Attacken ausginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742